ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3815

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Här Schoulminister, am Artikel "Welche Geschichte an der Uni Luxemburg?" aus dem Forum vum Mäerz 2021 war zum Geschichtsunterrecht am Secondaire folgendes ze liesen: "Und in den Sekundarschulen soll der Geschichtsunterricht auf Zeitgeschichte zentriert, die Auseinandersetzung der Schüler mit der Steinzeit, der gallo-römischen Vergangenheit, der Enstehung von Adel und Städten im Mittelalter, dem Absolutismus des Ancien régime, den Anfängen der Industrialisierung usw., zurückgestutzt werden".

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Schoulminister:

1) Op wéi eng geplangte Reform huet den Auteur (e fréieren Geschichtsprofesser vun der Universitéit Lëtzebuerg) sech hei bezunn?
2) Op wéi enger historiographescher a pedagogescher Grondlag berout dës geplangten Reform?
3) Op wéi enger chronologescher Basis soll de Geschichtsunterrecht am Secondaire zukünfteg opgebaut ginn?
4) Wéi gesäit d'Programmkommissioun vun de Geschichtsprofesseren dës geplangte Reform?
5) Vill vun eisen Institutiounen (Staaten, Rechtswiesen, Finanzmarchéen...) a Liewensweisen (Urbaniséierung, Industrie- a Konsumgesellschaft...) si laang virum 20. Joerhonnert entstan, deelweis scho säit dem Mëttelalter organesch gewuess: wéi sollen déi jonk Leit sech zukünfteg gesellschaftlech orientéieren, wann hinnen d'Grondkenntnisser vun den Originne vun hirer Liewensrealitéit feelen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3815 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

Den honorabelen Deputéierte bezitt sech an senger Fro op eng Ausso an der Zäitschrëft *Forum* vum Mäerz 2021 laut där de Geschichtsunterrecht am Enseignement secondaire *soll "auf Zeitgeschichte zentriert, die Auseinandersetzung der Schüler mit der Steinzeit, der gallo-römischen Vergangenheit, der Entstehung von Adel und Städten im Mittelelter, dem Absolutismus des Ancien régime, den Anfängen der Industrialisierung usw., zurückgestutzt werden"*.

Als opmierksame Lieser vun dëser Zäitschrëft, dierft den honorabelen Deputéierten dann och follgend Richtegstellung zur Kenntnis geholl hunn, déi an der Ausgab vum Abrëll publizéiert gouf: *"Im Beitrag von Michel Pauly in der letzten Ausgabe (Welche Geschichte an der Uni Luxemburg?) hatte sich leider ein Fehler eingeschlichen. Der Geschichtsunterricht in der Sekundarschule soll nicht auf die Zeitgeschichte zentriert werden."*

Een Arbechtsgrupp vun der Commission nationale de l'enseignement secondaire (CNES) an der Geschicht schafft aktuell un enger Reform vum Geschichtsunterrecht, woubäi Inhalter, Methoden an Evaluatioun sollen op de Leescht geholl ginn. Och wann dës Aarbechten nach net ofgeschloss sinn, kann ee scho soen, dass de Geschichtsunterrecht och an Zukunft net wäert op d'Zäitgeschicht reduzéiert ginn, mee all Perioden a Sujeten wäert behandelen fir de Schüler – wéi den honorabelen Deputéierten sech ausdréckt – *"d'Grondkenntnisser vun den Originnen vun hirer Liewensrealitéit"* ze vermëttelen.